SLP.LU

Société luxembourgeoise de Psychologie asbl

# NEWSLETTER

Nummer 1
Mee 2021

## Corona Zäiten

Léiwen SLP Newsletter Abonnent,

säit Februar 2020 determinéiert d'COVID Pandemie eist Liewen op ganz aschneidend Manéier. Erfreelecherweis weisen d'Resultater vun den Impfcampagnen uechtert d'Welt dat d'Anti-COVID Impfungen d'Unzuel vun den schwéieren Erkrankungen, Hospitalisatiounen an Doudesfäll däitlech reduzéiert. Esou dierften an den nächsten Méint eng etlech Restriktiounen gelackert kënnen gin an mir erëm zu fréiereren Liewensweisen fannen. D'Licht um Ënn vum Tunnel ass ze gesinn!

**Bléift weiderhin gesond an haalt Iech an déi aner monter!**

Marc Stein
President SLP

## Mir heesche Wëllkomm

Säit der leschter Newsletter am August 2020 bis den 1. Mee si folgend nei Psychologen aktiven Member bei der SLP ginn:

BORMANN Scott
BARCATTA Katharina
BENEDUCI Sara
BICHEL REUTER Cathy
BOTES Elouise
BOUTIBA Samy
CAPELLE Catherine
CHENNEVIÈRE Stéphanie
CLOOT Marie
COLOMBIE Martine
DE SMET Paméla
DOUNY Isabelle

Contenu


Corona Zäiten 1
Mir heesche Wëllkomm
Neien Conseil d'Administration 2
Feedback vun der Assemblée Générale vun der SLP 3
SLP Award
Négociations FAPSYLUX/CNS 4
Reglementatioun Psycholog 5
Civio Studie
Administratives vun der SLP

## Suite „Mir heesche Wëllkomm“

FRANCO Maïte
GRAF Jördis
HANOT Christiane
HOSS Leticia
JEZEK Catherine
KETTEL Marylène
KIJAMET Dzenita
KOHLL Simone
KRÄMER Julie
KÜPPER Karsten
LECOMTE Nathalie
LOPES SANTOS Mike
MÄENPÄÄ Niina
MALLINGER Jil
MELCHIOR Gwénaëlle
MIRANDA Silvia
MUÑOZ Carmen
PECZKOWSKA Agnieszka
PELT Véronique
PETER Susanne
PICHONNIER WIART Marion
PINHO Inês
RAMOS Alix
SCHON Marie-Jeanne
SERGEEVA Anastasiia
SINNER Carmen
STEINHARDT Gunnar
TOLLET Florence
VAN DER WESTHUIZEN Lindie
VAN WIJNSBERGE Anne
VIDONI Tamara
WAGNER Anne

PERRAKI Maria : membre associé

De Conseil d’Adminsitration vun der SLP heescht **si häerzlech Wëllkomm** !

## Neien Conseil d’Administration (Mandat 2021-2024)

Op eiser leschter AG den 16. Mäerz 2021 ass den neien CA ernannt ginn:

- President: Marc Stein
- Vize Presidentin : Catherine Richard
- Secrétaire : Pascal Recchia
- Tresorière : Dr Elisabeth Seimetz
- Member : Dr Andreas König,
- Member : Glauco Trebbi
- Member : Pia Diallo-Jungblut
- Member : Maryse Hansen
- Member : Anna Sciamanna
- Member : Dzenita Kijamet

Weider Detailer iwwer eis CA Memberen fann dir hei op eiser Websäit.

De neien CA seet Iech Merci fir äert Vertrauen an profitéiert och nach eng Kéier vun der Geleeënheet fir eise scheedenden CA Memberen, dem Paul, Zoé, Christian, Isabelle, Alioune, Martine an dem Gaby e groussen Merci fir déi flott vergaangen Zesummenaarbecht auszedrécken! Merci och un den Bob Reuter, deen säin Mandat als Keesereviseur néierleet.

## Feedback vun der Assemblée Générale vun der SLP (März 2021)

**Aktuell Memberszuelen**: **~420** Memberen (dont ~130 Psychotherapeuten)




säit der leschter AG : 41 Jobannoncen iwwer de Site ! (idem 2020)

## SLP Award 2020

Die Auszeichnung der besten Masterarbeit im Rahmen des Studiengangs Master of Science in Psychology : Psychological Intervention (MPI) an der Uni Luxemburg wurde erstmals durch die SLP, in Zusammenarbeit mit der Studiendirektion des Masterprogramms, verliehen.

Neben der hohen wissenschaftlichen Qualität, werden in besonderer Weise Originalität, Kreativität, Anwendungsbezug, Innovation und Eigeninitiative gewürdigt.

Ziel des SLP Awards ist die Anerkennung von jungen Wissenschafter:innen und die Förderung von Forschung in Bereich der Psychologie. Der Award ist mit 300 Euro dotiert, sowie mit einer kostenfreien einjährige Mitgliedschaft in der SLP.

Der SLP Award 2020 geht an: **Katharina BARCATTA**

Titel der MA Arbeit: The hypoalgesic effect of distraction in virtual reality: The influence of cognitive load, executive functions, pain-related cognitions, and gender differences – an experimental study.

In recognition of the research quality, originality, innovation, and practical relevance

the Award Jury of the Société Luxembourgeoise de Psychologie, together with the Study Direction of the Master of Science in Psychology: Psychological Intervention of the University of Luxembourg proudly present this

**SLP AWARD**

for the best Master's thesis within the Master of Science in Psychology: Psychological Intervention 2020 to

**Katharina BARCATTA**

Thesis Title:
The hypoalgesic effect of distraction in virtual reality: The influence of cognitive load, executive functions, pain-related cognitions, and gender differences – an experimental study.

Marc Stein
President of the
Société Luxembourgoise de Psychologie

Prof. Dr. Georges Steffgen
Course director of the Master of Science in Psychology:
Psychological Intervention

## Suite vun de Négociatiounen vun der FAPSYLUX mat der CNS

Leider sin d'Verhandlungen tëscht der FAPSYLUX an der CNS betreffend de Remboursement vun Psychotherapeuten aktuell suspendéiert.

D'CNS ass op **keng eenzeg (!)** vun den 5 Mindestfuerderungen vun der FAPSYLUX agangen. Dës Positioun vun der CNS ass fir eis Vertrieder inakkzeptabel.

Hei nach 2 Linken op Presseartikelen déi d'Situatioun duerstellen:

https://www.rtl.lu/news/national/a/1715831.html

https://www.wort.lu/de/politik/psychotherapeuten-setzen-verhandlungen-mit-der-cns-aus-6088281cde135b923611b39c

Mir haten gehofft dat 2020 endlech dat Joer zu Lëtzebuerg géif gi, wou Psychotherapie fir d'Patiente rembourséiert géif gi. Et gesäit aus wéi wann eng **eng appropriéiert Prise en charge vun psychesche Stéierungen nach ëmmer vun verschiddene Decideuren als onwesentlech an net dringend consideréiert gët**. An dëst an Zäiten vun enger weltwäiter Pandemie, déi een enormen Impakt op dat psychescht Wuelbefannen hat, aktuell nach weider huet an och an Zukunft waert hun!

Pour rappel: Den 24. Juli 2015 ass d'Gesetz iwwer d'Psychotherapie gestëmmt ginn. Ufanks Januar 2018 hun d'Negociatiounen tëscht der FAPSYLUX an der CNS ugefong fir eng Konventioun, eng Nomenclature an Tariffer auszeschaffen. Well d'Verhandlungen no 6 Méint op keen Accord komm wären, ass et dunn nom Summer 2018 zur Mediatiounsprozedur komm. Enn 2018 sin déi Mediatiounsverhandlungen och gescheitert.

## Reglementatioun vum Beruff vum Psycholog

Scho wärend der leschter Mandatsperiod hat d'SLP decidéiert sech fir eng Reglementatioun vun eisem Beruff anzesetzen. An der EU sinn mir eent vun de leschte Länner ouni eng spezifesch legal Protektioun vum Psycholog.

Am Februar 2021 hat d'SLP lo eng éischt Entrevue mam Ministère de l'Enseignement Supérieure et de la Recherche. Dësen huet eis weidergeleet un den Ministère de la Santé an den Ministère de l'Économie, wou mir op aktuell op eng Äntwert fir eng Entrevue waarden.

## Civio Studie

An de Kontext vun dem Remboursement vun der Psychotherapie an och der Reglementatioun vum Beruff passt och gudd des Studie vun der ONG CIVIO „Pay up or put it off: how Europe treats depression and anxiety"

CIVIO ass eng onofhängeg, gemengnëtzeg spuenesch Organisatioun déi sech fir eng transparent Informatioun an der EU zu verschiddenen Thematiken asetzt. An dëser Studie „Pay up or put it off: how Europe treats depression and anxiety" ass sech mat de Barrièren an der EU ausernaner gesat gin, déi eng adequaten Zougang zu mentaler Gesondheet erschwéieren.

Wéi an der detailléierter Methodologie beschriwwen, gouf Lëtzebuerg aus der Etude ecartéiert, well den psychologeschen Traitement net rembourséiert gëtt.

Dës Etude weist rëm eng Kéier wéi schlecht et allgemeng em eng adequat psychologesch Prise en charge steet, an dat net nëmmen an deenen méi aarmen EU Member Länner.

## Administratives vun der SLP

**Préavis** : De SLP Bureau ass zou vum **9.- 19.07 a vum 27.8 - 14.9.2021 inclus**

D'SLP wënscht all senge Memberen een **erhuelsamen an hoffentlëch pandemiefräien** Summer!

Photo by Simon Migaj on Unsplash